

Schöfflenger Jugendhaus

Joresrapport

Oktober 2018 - Oktober 2019

māin
ZUKUNFTSDIPLOM



1. Inhaltsverzeichnis

2. D'SCHËFFLENGER JUGENDHAUS	3
A.S.B.L	3
TEAM	3
BENEVOLATER/ SVO / STAGIAIREN	4
ZILGRUPP	4
OUVERTURESZÄITEN VUM JUGENDHAUS (ACCEUIL)	5
ËFFENTLECHKEETSAARBESCHT	ERROR! BOOKMARK NOT DEFINED.
3. PROJÉTEN AN AKTIVITÉITEN	5
DAGESPROJETEN	6
KURZZÄITPROJETEN	9
DAUERAKTIVITÉITEN / LANGZÄITPROJETEN	11
VAKANZENAKTIVITÉITEN	15
4. UNHANG	19
MEMBEREN	19
VISITEUREN	19
AKTIVITÉITEN	21

D' **Schëfflenger Jugendhaus** baut op de Bedierfnisser an den Interesse vun de Jugendlechen op. Dofir ass et all Mataarbechter besonnesch wichteg déi ze Erkennen an déi Jugendlech bei hirem Entwécklungsprozess ze begleeden a Motivéieren. Duerch géigesäiteg Wäertschätzung a Respekt kréien déi Jugendlech Méiglechkeet sech aktiv un de Projeten an Aktivitéiten ze bedeelegen a mat ze gestalten. Doduerch kënnen Si wäertvoll Erfarunge sammelen an nei Kompetenze gewannen, déi hinnen am Liewe vun Notze sinn. Gläichzäiteg sollen hir individuell Fäegkeete gestärkt ginn. Vill Jugendlecher weisen verstoppte Potential op, dat et ze erkennen gëllt fir déi Jugendlech besser begleeden ze kënnen an hirem perséinlechen Ziel méi no ze bréngen.

Ee wichtige Punkt vun eiser Bildungsariichtung ass et dowéinst deene Jugendlechen ee gutt Beispill ze sinn an hinne mat enger optimistescher Astellung ze begéinen. Frëndlechkeet, Respekt, Empathie an Authentizitéit spillen dobäi eng zentral Roll.

Domat eng Struktur wéi Schëfflenger Jugendhaus no deem Konzept funktionéiere kann, müssen déi Jugendlech sech un definéiert Ëmgangsregelen halen. Déi goufen zesumme mat hinne festgeluecht. Dës Reegelen sollen zu engem respektvollen Ëmgang am Jugendhaus bäidroen.

2. D' Schëfflenger Jugendhaus

A.s.b.l

Präsidentin:	Enesa Agovic
Vize-Präsident:	Rizo Agovic
Sekretärin:	Schmitt Marie-Jeanne
Schatzmeeschter:	Jamini Semir

Memberen :

Alain Paluce
Aldin Civovic
Carlo Feiereisen
Claudine Dostert bis Juli 2019
Guy Steichen
Gilbert Godart
Sven Kill
Jannick Semedo
Marc Spautz

Team

De Oliveira Patrick:	Jugendarbechter säit 2018
Colignon Sarah:	Jugendarbechterin säit 2014
Smith-Boes Janine:	Jugendarbechterin/Erzéierin, säit 2012
Welter Jacques:	Jugendarbechter/Koordinator säit 2004
Rodrigues Filipe:	Jugendarbeschter säit Juli 2019

Formatiounen

Welter Jacques:	
<ul style="list-style-type: none"> Oser dessiner- Introduction à la facilitation graphiques 	14
Smith-Boes Janine:	
<ul style="list-style-type: none"> Intern Erlebnispädagogik-Formation Sprache der Bilder, digitale Fotografie und Öffentlichkeitsarbeit Waldführung und Landart 1. Hellef Kräuterkunde Onlinekurs 	40 14 6 16 12
Colignon Sarah:	
<ul style="list-style-type: none"> Intern Erlebnispädagogik-Formation Journée d'échange pour tuteurs dans le cadre de SVN 1. Hellef 	40 6 16
De Oliveira Patrick:	
<ul style="list-style-type: none"> Intern Erlebnispädagogik-Formation Naturerfahrungsspiele & Spiele ohne Material 1. Hellef 	40 6 16

Benevolater/ SVN/ Stagiairen

Numm, Virnumm	Beschäftegung	Lafzäit
William Ceccoon	SVN	01.11.18-14.03.19
Da Silva Gomes Lizandra	Stage	29.01.19-23.02.19
Nogueira Joao Victor	Stage	11.02.19-15.02.19
Fränk Schomer	Stage/SVN	01.10.19-31.12.19

Zilgrupp

Den Alter vun den Jugendlechen, déi mir an eiser Struktur betreie, läit tëschent 12 an 26 Joer. Déi Jonk, déi bei eis an Jugendhaus kommen an un den Aktivitéiten deelhuele kommen aus ënnerschiddleche Kulturen. Dat erméiglecht ënnereneen aner Traditiounen, Wäerter an Traditiounen kennen ze léieren, esou wéi Gemeinsamkeeten auszetauschen.

Mir probéieren deene Jugendlechen eng positiv Struktur unzebidden, woubäi mir leider och ëmmer erëm op Widderstand a feelend Motivatioun stoussen fir un verschidde Projeten deelzehuele. Ziel ass et dowéinst, och déi Jugendlech, déi soss just den oppenen Beräich am JH notzen, fir aner Aktivitéiten ze begeeschteren.

Ouvertureszäiten vum Jugendhaus (Acceuil)

Sonndes/Méindes	Zou
Dënschden	15h-20h
Mëttwoch	16h-20h
Donneschden	15h-20h
Freiden	18h-22h
Samschden	15h-20h

Ëffentlechkeetsaarbecht

Als Informatiounsquell notzt Jugendhaus déi offiziell Homepage www.schefflenger-jugendhaus.lu grad ewéi Facebook. Iwwert béid Säiten fannen déi Jugendlech, d'Elteren an aner Leit Informatiounen zu Aktivitéiten, aktuell Projeten, Fotoen, Videoen a viles méi.

D'Logbuch op der Homepage gëtt genotzt fir wichteg Ereegnesser ënnert den Mataarbechter auszetauschen an Informatiounen déi d'Jugendhaus betreffen ze sammelen.

Als Jugendhaus huele mir un enger Rei Initiativen an eiser Gemeng deel: Schoulfester, Gesondheitsdeeg, Schoulsportdag; Vakanzenaktivitéiten, Niklosmaat asw., an probéieren iwwert dësen Wee aktiv an der Gemeng matzewierken an d'Bild vum Jugendhaus weider ze verbessern.

- **Punktuell Ëffentlechkeetsaarbecht**

Reegelméisseg Artikelen vum Jugendhaus verfaasst am Deel Youthmag vum Newsmag vun der Schëfflenger Gemeng.

Am Unhang sinn Kopien vun den Artikelen.

3. Projeten an Aktivitéiten

Projeten an Aktivitéiten déi organiséiert ginn loossen sech sichtlech dem themateschen Schwéierpunkt an dem zäitlech Ëmfang ënnerscheiden. Et ginn souwuel Aktivitéiten ugebueden déi just vu kuerzer Dauer sinn grad ewéi Projeten déi iwwert méi Wochen ëmgësat ginn. Fir méiglechst vill Jugendlecher unzesprechen an fir eis Projeten ze motivéieren ass Auswiel breet gefächert. Folgend Tabell gëtt een Iwwerbléck vun méiglechen Themen an Handlungsfelder enger Aktivitéit:

<u>Emotiounen, Sozial Bezéiungen</u>
<u>Wärterorientéierung, Demokratie, Participatioun</u>
<u>Sprooch, Kommunikatioun, Medien</u>
<u>Kreativitéit, Konscht, Kultur</u>
<u>Kierperbewosstsinn, Bewegung, Gesondheet</u>
<u>Ëmwelt, Naturwëssenschaften, Technik</u>

Vill vun eise Projete stinn a Verbannung mat der Erlebnispädagogik, déi et deene Jugendlechen erméiglecht duerch Naturerfahrungen hir Perséinlechkeet ze entwéckelen an hir sozial Kompetenzen auszedeeenen.

Um Modell: „Die Natur ist die beste Lehrmeisterin“ (Thoreau) oder „The Mountains speak for themselves“ (Outward Bound) orientéiert, wëlle mir deene Jonken onkeeflech Erlebnisser ubidden. Den Transfert vun Erfahrungen aus erlebnispädagogesche Moosnamen op den Alldag vun de Jugendlechen ass dobäi ee wichtege Faktor.

Säit der Aféierung vum Zukunftsdiplom leeë mir och vill Wäert dorop, datt Participante während de Projeten un dënn jeeweilege Kompetenze schaffe kënnen, déi doran enthalen sinn.

An Zesummenaarbecht mat aneren Organisatioune si vill flott Initiativen entstanden.

Uschléissend ginn déi eenzel Projeten an Aktivitéite kuerz virgestallt déi 2018/2019 ëmgesat goufen.

Dagesprojeten^[CS1]

- **Visite vum On Steitsch Festival (22.09.18)**
- **Fëschchen (13.10.18)**

Mat engem Grupp vu 4 Teilnehmer si mer op e Weier gefuer. Et war eng ganz flott a gemitterlech Aktivitéit. Mir haten och Chance mam Wieder. Mir hunn eis um hallwer 7 virum JH getraff. Se waren o all mat Zäiten do. Si 4 hunn sech gutt geschéckt. Et ass net gestriden an déi aner Leit ronderëm sinn och net gesteiert ginn. Jiddwereen huet konnten eppes aus dem Waasser zeien. Wann et kee Fësch war, war et Steen oder en Gestell vir d'Aangelen dowidder ze stellen. Am ganze sinn 8 Forellen, 2 Hummeren an eng jet Muschelen a kleng Fësch mat Heem geholl ginn. Nodeems mer eppes giess hunn, si mir bei ee vun de Jonken Heem gefuer, vir d'Hummeren an d Muschele bei hien an de Weier ze leeën. Si ware ganz frou dat mir déi Aktivitéit gemaach hunn, an hunn gefrot vir dat all 2 Wochen ze widdershuelen.

- **Iwwernuechtung am Jugendhaus (13.- 14.10.18)**

Op Nofro vun enger ganzer Partie Jonker hunn mir déi 1ten Iwwernuechtung am Jugendhaus organiséiert. Mat dobäi ware 6 Meedercher a 5 Jongen.

Mir hunn owes zesumme gekacht an giess. Beim akafen esou wei beim kachen haten déi Jonk d'Leedung. Dono si mer op eng Nuetswanderung gaangen, wou 1 vun de Jonken d'Aufgab hat eis bis op eng bestëmmte Platz ze feieren an en aneren eis zeréck an d'Jugendhaus ze feieren. Dat ganz huet e bësse méi wei 2 Stonne gedauert a war fir vill vun den Teilnehmer eng éischt Erfahrung owes am Bësch ze sinn.

Zréck am JH huet jiddereen säi Pyjama ugedoen an sech prett gemaach fir de Filmowend. Déi Jonk konnten eis am viraus Filmproposé maachen, se hunn dunn schlussendlech konnten téschent 2 Filmer wielen.

Nom Film war dunn no bësse Fräizäit Nuetsrou. D'Meedercher hunn am Danzsall an d'Jongen am Bouldersall geschlof. Nuetsrou huet bei de Jonge besser geklappt wéi bei de Meedercher, déi hunn e puer mol musse gesteiert ginn.

Moies ass dunn nach zesumme gefrühstückt ginn, och hei haten déi Jonk d'Verantwortung mam akafen a virbereeden, an alles geraumt éiert mer dunn um 10h00 all heem gaange sinn.

Et ass opgefall dat an der Grupp vill gestridde gëtt, wéinst all „Klenggekeeten“ (Ween setzt niewent weem beim iessen, ween setzt op wei enger Couche, ween raumt wat,...) An bei de Meedercher gëtt extrem vill gelästert, ëmmer géint dee wou grad net do ass. Wann déi Persoun dann awer do ass, sinn se erëm all „best friends“. Dat ass och thematiséiert ginn e Samschdeg.

War am grouse ganzen eng flott Aktivitéit, déi ee gär ka widderhuelen. Ech géif awer egal wei net méi TN erlabe wei des kéier. (11 Jonker).

- **Schwemm Kirchbiereg**

Verschidden öffentlech Transporter kenneléieren (Bus – Zuch- Funiculaire – Tram)

Wei kommen ech wouhin? Wei eng Méiglechkeeten hunn ech?

Spill an Spaass an der Schwemm. Hei hunn déi Jonk sech virun allem beim Tuermspangen selwer erausgefuerdert. Fir vill vun hinnen war et eng 1te kéier dat se vum 7 respektiv 10 Meter Tuerm gesprongen sinn.

- **Kürbis schnëtzen**

Zesumme mat de Jonken hunn mir am Jugendhaus Kürbisse geschnëtzt.

- **Klammaktiviteit Zombiezone (Jugendtreff Kärjeng) (31.10.18)**
- **Berdorf + Diddeleng (09.11.18)**

Entdecken vum Klammseite zu Berdorf + Kachen um Feier. Wiederbedengt ass d'Klamm selwer op d'Hall zu Diddeleng verluecht gin.

- **Soirée des Laureats (14.11.18)**

Unerkennung an Form vun engem Diplom vum Solarprojet 17-18

- **Niklosmaart (01.12 +02.12)**

Och dëst Joer hu mir zesumme mat de Jonken um Niklosmaart deelgeholl. Mir hunn an Bastelatelier fir Kanner ugebueden (Kaarte bastele fir op der Chrëschtbeemchen).

- **Visitt vum Chrëschtmaart an der Stad a Schlittschong fueren (07.12.18)**

Op engem Freideg Owend mam Zuch an d' Stad an do iwwert de Chrëschtmaart trëppelen, zesummen iessen an um Knuedler vun der Äispiste profitéieren

Wiederbedéngt hunn mer des Aktivitéit am leschten Moment an eng Kinosaktivitéit ëmgewandelt an sinn mat engem Grupp vu Jonken den Lëtzebuurger Film "Superjhem" kucken gaangen.

- **Joresofschlossiessen (12.12.18)**

Zesummen mat Jonken déi sech während dësem Joer besonnesch ervirgedoen hunn ginn mer an d'Pizzeria hei an der Gemeng iessen. Dofir benotzen mir ënner anerem déi Bongen déi di Jonk als Belounung op der Soirée des Laureats kruten. D'Iddi heizou ass vun den Jonken komm, déi di Bongen léiwer benotzen wollten fir all zesummen iessen ze goen wei se an iergendengem Buttek auszeginn. Et ass dunn entscheet ginn dat mer net just mat den Teilnehmer vun der Soirée des Laureats mee och mat aneren Jonken déi sech besonnesch ervirgedoen hunn, esou wei den Animateuren vun den Vakanzenaktivitéiten 2018 an den Memberen vum CA iessen ginn.

- **Film&Pizza Owend (21.12.18)**

Als Ofschloss virun der Chrëschtvakanz hunn mer eis Pizza selwer gemaach an zesummen e Film gekuckt. Aus enger Virgeschloener Lescht hunn déi Jonk sech fir de Film "Slumdog Millionaire" entscheet.

- **Schoulsportdag Nelly Stein**

Am Kader vum alljäreleche Sportsdag an der Nelly Stein Schoul, hunn Educatricen aus dem Schëfflenger Jugendhaus eng Kloteraktivitéit fir Schüler encadréiert. Dobäi ware Kanner aus de Cyclen 3-4 an dat jeeweileg responsabelt Léierpersonal. Jiddwer Schoukläss hat eng Stonn Zäit. Fir d' éischt hu mir de Kanner de Knuet bäibruecht dee ee muss beim Klamm uwenden. Uschléissend konnte Si sech un deene verschiddene Parcoursen ausprobéieren. Entsprechend deenen eegene Kompetenze konnte Schüler ënnerschiddlech Schwierigkeetsgraden ausprobéieren. Kanner waren all mat vill Freed, Spaass a Motivatioun un der Aktivitéit dobäi a géifen sech wënsche méi oft Kloteren ze goen. Mir hunn de Schouklässen dorops eist Jugendhaus virgestallt a Si op eis Projeten higewisen déi mir während dem ganze Joer organiséieren. Dacks géife mir nämlech och mam Jugendhaus Klotere goen a wieren ëmmer frou begeschtert Leit dobäi ze hunn.

Och dëst Joer war Aktivitéit een Erfolleg a mir freeën eis nächst Joer erëm dobäi ze sinn.

Kurzzäitprojeten

- **Fontainebleau 16.-18.11.18**

Boulderen

- **Citytrip Stroossbuerg (14-16.12.18)**

Wanderung, Klammaktiviteit, Visite vun der Stadt + Chrëschtmaart

Duerch d'Virkommisser zu Stroossbuerg hu mer de Weekend anescht gestalt. Samschde Moie ware mer an d'Blockschokolade boulderen, wou jiddereen sech wierklech gutt dru ginn huet. Anschleissend si mer nach op den Chrëschtmaart an Tréier gaangen, wou mer eng Klenggeheet giess hunn an si bëssen Zäit krute fir nach Cadeauen ze kafen.

Dono hu mer zesummen decidéiert wat mer den Owend kachen a waren akafen dofir. Zréck ze Schëffleng hate mer dann den Deeg preparéiert fir d Pizza. Den Deeg huet da misse rouen a mer hunn d Zäit genotzt fir nach en Trëppeltour/ eng Nachtwanderung ze maachen, ouni Handyen. Virdrun ass d'Iddi vun den TN komm,op der Grillplaz am Bësch Marshmallow ze grillen. Doduerch war eis Ziel vum Trëppeltour festgeluecht. Op der Platz ukomm huet de Grupp probéiert Feier ze maache war ënner de Wiederkonditiounen net einfach war. Weider negativ beaflosst ginn ass de Feierprozess doduerch, dass jiddereen de Feierexpert war an si hunn all net matenee geschafft. No bal 60 Minutten an der Keelt huet et dann endlech geklappt. Verschiddener wollte schonn opginn, mee herno waren se frou et awer duerchgezunn ze hunn, esou dass mer eis nach gutt opwierme konnten iert mer dunn erëm zréck a Jh getrëppelt sinn.

Am Jh ukomm, hunn mer eis verdéngte Pizza fäerdeg gemaach a giess an dono hu mer all zesummen am Accueil geschlof.

Sonndes hu mer dunn de Programm och moies un d'Wiederkonditiounen ugepasst. Et louch Schnéi a mer hunn zesummen decidéiert eisen 2 Trëppeltour um Schëfflenger Bierg ze maachen. Um Wee dohin huet jiddereen sech gutt ameséiert mam Schnéi an uewen ukomm hu mer puer Spiller am Schnéi gemaach. No bal 2,5h trëppelen si mer zréck an d'Jh an hunn do nach ofschléissend gepicknickt.

De Grupp war ganz harmonesch an huet gutt zesumme geschafft. Jiddereen huet sech sou gutt wei him méiglech abruecht. Opgefall ass mer, dass wann de Grupp staark ass a jiddwereen de Leader an Expert well sinn, Aufgabe wei zesumme Feier maachen en serieuxe Challenge ass.

- **Citytrip Stroossbuerg (8-10.02)**

Eisen Trip op Stroossbuerg dee mer am Dezember hunn musse verleeën ass op dësem Weekend nogeholl ginn an huet anengems als Preparatioun op de Wanterprojet 2019 stattfonnt.

Mat dobäi waren déi TN, déi och beim Wanterprojet dobäi solle sinn (5 Jongen (dovun 1 SVN), 1 Stagiaire an 1 Educatrice).

Iwwernuecht hunn mer op engem Camping, eng 30 Minutten zu Fouss vum Zentrum ewech.

Freides owes hunn mer eis ageriicht an zesumme gekacht. Samschdes moies ware mer op eng Wanderung an der Natur, hei waren 2 Jonken zesumme verantwortlech fir de Wee ze fannen. Mëttes si mer dunn vum Camping aus zesummen an den Zentrum getrëppelt, och hei waren déi Jonk erëm verantwortlech fir de Wee ze fannen, idem owes fir zeréck op de Camping.

Sonndes huet alles musse geraumt a gebotzt ginn an dunn si mer an d'Snowhall op Amneville gefuer fir Snowboard fueren ze trainéieren an deelweis déi éischte kéier auszeprobéieren.

Ausser e puer kleng Konflikter huet de Grupp sech gutt zesumme fonnt an ass virbereet fir déi Woch drop an de Wanterprojet ze fueren.

- **Snowprojet (16.-23.02.2019) in Wens (Österreich)**

Wochenplan:

Samstag: Anreise
Sonntag: Snowboard (Hoch Imst)
Montag: Snowboard (Hoch Imst)
Dienstag: Winterwanderung (13 km, mit einigen Höhenmetern)
Mittwoch: Stadtbesichtigung Innsbruck (14 km), Bouldern (Kletterzentrum Innsbruck)
Donnerstag: Snowboard (Hochzeiger)
Freitag: Rodeln
Samstag: Abreise

Das Projekt ist gut verlaufen. Dieses Jahr war es eine starke Snowboarder Gruppe. Alle Teilnehmer haben die Grundlagen des snowboarden kennengelernt, ausgeübt und fortlaufend weiterentwickelt. Bis auf die beiden Praktikanten, konnten alle TN sich eigenständig und kontrolliert in den Skigebieten bewegen. Alle TN haben die verschiedenen Liftarten kennengelernt und ausprobiert. Das Zusammenleben hat ebenfalls gut funktioniert. Jeden Tag waren 2 TN für die Versorgung zuständig und haben dies auch gut gemeistert. Bei der Winterwanderung und Städtetour konnten die Orientierung weiter gefördert werden. Die TN haben in den unterschiedlichsten Bereichen Verantwortung übernommen. Alle TN haben an 4 Tagen am ZD gearbeitet und ihre Kompetenzen erweitert.

- **Fielskloterprojet (27.05.19-31.05.19)**

Dëse Projet war "an der leschter Minutt" organiséiert ginn, well d'Umeldunge laang op sech waarde gelooss hunn. Dat huet mat sech bruecht dass en mer fir d'Iwwernuechtungen net wéi gewinnt op Campinger ënnerkomm si mee op aner Locatiounen an Hotel zeréckgräife missten; mat der Meteo war et esou gutt dass en mer ëmmer dobausse

kache konnten esou dass doduerch (kee Camping) net all ze vill um Programm geännert huet;

En gemeinsamen Nenner huet ebenfalls misse fonnt ginn téschent deene wou léiwer boulderen an deenen déi léiwer mam Seel klammen; entschloss hunn mir eis fir 2 Deeg boulderen zu Fontainebleau an duerno een daach wieder Rees a Fielsklammen mam Seel zu Baumes les Dames an der Franche Comté

Beim Boulderen waren déi 2 Meedercher éischer zeréckhalend, wat sech dunn beim Fielsklammen geännert huet, do waren se alle 4 top motivéiert an hunn hirem Äifer fräie Laf gelooss; dobäi wär ze bemierken dass och de P. de virun 2 Joer eng onangenehm Erfahrung beim Kloteren an der Hal gemaach hat, ganz gutt iwwert déi schlecht Erinnerung ewech komm ass an erëm virzekommen ass, fir lues a lues erëm Vertrauen opzebauen.

Een TN huet um ZD geschafft:

- Rotschléi unhuelen,
- sech am Grupp engagéiere mat gemeinsamen Aufgaben,
- Authentizitéit

Iwwert déi 5 Deeg hate mer eng exzellent Stëmmung och wann déi 2 Meedercher zäitweis ustrengend waren; jidder TN huet déi him zou gewisen Aufgaben impekabel geléist a konnt säin Erfahrungsschatz am Gruppeliewen a Kloterberäich ausbauen.

Daueraktivitéiten /Langzäitprojeten

▪ Aktivitéiten am Accueil

Am Begréissungsraum steet deene Jugendlechen ee Billardsdësch, zwee Kicker, Dëschtennis an Dart zu Verfügung. Ausserdeem stinn divers Gesellschaftsspiller bereet. Et gëtt och ee Fernseh an ee Computer, déi awer éischer seele genotzt ginn. Am Eck vun de Fotellen fënnt ee Flyer/Broschüren iwwert wichteg Themen (Aarbecht, Kultur, Service...).

▪ Sport an der Hal a Kachen am Jugendhaus (Kachatelier)

All Freide gi mir an Hal vun der Nelly Stein Schoul fir Sport ze maachen. Do ginn déi ënnerschiddlech Sportarten ausprobéiert an och d´Klammwand gëtt gäre genotzt vun eis. Uschléissend ginn interesséiert Jugendlecher akafen a preparéieren zesummen d´Owesiesse fir e grouse Grupp am Jugendhaus. Hei gëtt Wäert geluecht, dass déi Jugendlecher gesond, biologesch, regional a saisonal Produkter kafen. Jee no Joreszäit verschaffe mir och Planzen aus eisem Gaart/Hochbeet.

▪ Aquarium

Den Aquarium gouf zesumme mat deene Jugendlechen opgebaut. D´Fleeg vum Waasser an de Fësch fënnt reegelméisseg statt. Eenzel Jugendlecher hëllefe gäre beim Ënnerhale vum Aquarium.

▪ Hochbeet/Urban gardening

„**Urbaner Gartenbau**, auch **Urban Gardening**, ist die meist kleinräumige, gärtnerische Nutzung städtischer Flächen innerhalb von Siedlungsgebieten oder in deren direktem Umfeld. Die nachhaltige Bewirtschaftung der gärtnerischen Kulturen, die umweltschonende Produktion und ein bewusster Konsum der landwirtschaftlichen Erzeugnisse stehen global im Vordergrund. Städtischer Gartenbau ist eine Sonderform des Gartenbaus.“

Diese Projekt geht seit dem Frühjahr 2015 erfolgreich durchgeführt. Zielgruppe der durch dieses Projekt erreicht geht, sind die Kinder aus dem Jugendhaus. Dadurch soll ihnen ein Zugang zu Natur ermöglicht werden und an die Jugendlichen sollte die Verantwortung für Pflanzen zu übertragen.

Glücklicherweise steht dem Projekt am Ende ein Zertifikat. Hier kann man folgende Kompetenzen erwerben:

- Ressourcenorientierung
 - a. Pflanzen wachsen lassen
 - b. Mit Erde arbeiten
- Aufforderungscharakter (Ernst)
 - c. Der Jugendliche muss sich um einen längeren Zeitraum um das Beet kümmern
- Partizipation
 - d. Mit dem Jugendlichen zusammen werden die Pflanzen ausgesucht
 - e. Erfolg durch Ernte
- Mehrdimensionalität
 - f. Handwerkliche Arbeiten
 - g. Gruppenarbeit bei mehreren Teilnehmern
- Förderung (Psychomotorik, Wahrnehmung, Kreativität)
 - h. Ganzheitliches Lernen mit allen Sinnen
 - i. Fühlen
 - ii. Schmecken
 - iii. Sehen

▪ Outreach

Dieser interessante Initiative des Schöfflerer Gemeindegarten am Juli 2016 beigetragen; den Pitt Elvinger hat das Jugendhaus während den letzten Monaten regelmäßig besucht. Von Januar bis April hat das Jugendhaus und 2 Stagiären von ihm hier am Haus betreut; es war ein erster Versuch zusammenzuarbeiten zu konkretisieren. Im Juni hat den Jacques de Pitt ein enges Verhältnis erreicht, für ein konstruktives Zusammenarbeiten langfristig zu etablieren:

- Austausch von Informationen

- Reegelméissegem perséinlechen Austausch
- Stagen mam ZD verbannen
- Iwwert dëse Wee den Stagiairen d'Méiglechkeet ginn och an Entreprises eranzekommen.

Zenter Mäerz 2018 bekëmmert sech den Patrick ëm des Missioun. Déi verschidden opgezielte Punkten ginn na ëmmer agehalen, an bei Bedarf na ausgebaut. Des Collaboratioun huet et erméiglecht un verschidden Projeten oder Aktivitéiten mat drun deel ze huelen, wei zum Beispill:

- Traversé du Luxembourg à vélo
- Nuits des Sport
- Projet LNBD
- VA Alpin Adventure

aner Aktivitéiten sinn o na organiséiert ginn wei zum Beispill

- Sortie op Schueberfouer
- On Steitsch

an Kommend Activiteiten:

- Your voice matters!
- Projet LTE

Natierlech sinn o Begleedungen bei den Dokter oder na Ënnerstëtzung bei den Administrativen Demarchen gelescht ginn. Esou wei Verriedungen vum OYW op Evenementer ewéi dem Léierplazendag oder na d'Jobdag, wat et erméiglecht d'Collaboratioun mat enger Multidisziplinärer Equipe ze erweideren. Vir esou déi betreiten Jonken bescht méiglech weider ze leeden un dee Service deen hiren Bedierfnesser entsprécht.

D'Collaboratioun mam Jugendhaus erméiglecht et o preventiv an virbeugend un der Neet Situatioun ze schaffen. Jugendlecher déi sech zum Beispill an hirem leschten Schouflichtegen Joer befannen, an um gudden Wee befannen vir an eng Ontätlechkeet ze geroden, kréien iwwert des Collaboratioun d'Méiglechkeet am vir Feld un hirer kommender Transitioun ze schaffen. An esou eng Neet Situatioun ze vermeiden.

▪ **Zukunftsdiplom**

Mëttlerweil ass et net méi sou einfach fir an d'Beruffsliewen eranzekommen. Beim Zukunftsdiplom kann een un senge Liewenskompetenzen schaffen. Dat si Fäegkeeten déi beim gudden Ëmgang mat Mënschen hëllef a wéi een mat Problemer an Stresssituatiounen ëmgeet.

Den Zukunftsdiplom as eng Zertifizéierung vun de Kompetenzen, déi während eenzelnen Phasen vun den Projet'en geléiert goufen. Op der enger Säit ginn nei Techniken geléiert, op der anerer Säit gëtt op d'Verbesserung vu sougenannten sozialen Kompetenzen gekuckt. Dëst as e fräiwëllegt Angebot fir Jugendlecher vun 12 bis 30 Joer. Bei dëse Projet'en

gëtt eng aktiv Bedeelegung an Matgestalten gefrot. (challenge by choice). Mir maachen eis Gedanken iwwert d'Verhältnis vum Mënsch an der Natur, setzen eis mat eiser Weltusiicht ausernee an erweideren doduerch eisen Horizont. Den Diplom erméiglecht bei enger Bewerbung fir eng Aarbecht, säi perséinlecht Profil ze verbesseren. Fir ëmmer méi Patronen ass et wichteg ze wëssen, wat den eenzelen Kandidat niewent senger Schoul nach gemaach huet. Duerch den ZD kritt een eng Unerkennung vun sengem Engagement an vun der Weiderentwécklung vun senger Perséinlechkeet. Wann een bereet as un sengen Kompetenzen ze schaffen an och bereet as fir Reflexiounsgesprécher dann as den ZD genau dat richtegt.

Fir den Zukunftsdiplom kann een sech mat Hëllef vun engem Formulaire umelle.

Den Zukunftsdiplom huet dräi Level's vun jee fënnef Projet'en. Beim éischten Level hellt een un deenen Projet'en deel déi een sech selwer erausgesicht huet. Beim zweeten Level ënnerstëtzt een e Kolleg mat manner Erfahrung an beim drëtten Level iwwerhëlt een d'Verantwortung fir een Jonken mat besonneschen Bedierfnisser. All Projet gëtt vun jeeweils zwee Jugendarbechter begleet. Waerend deenen dräi Level's gëtt un verschidde Kompetenzen geschafft. Wann mir zum Beispill mam Kanu fueren, dann léiert een nieren der Technik och eng ganz Partie sozial Kompetenzen, besonnesch am Beräich vun der Rolleverdeelung an der Kommunikatioun: fir e Kanu sécher duerch e Floss ze manövréieren brauch een d'Anhalen vun de Rollen an awer och eng ganz gelungen Kommunikatioun, anerefalls muss du méi wéi enkéier dech an deng Saachen aus dem Waasser fëschen.

Die verschidden Projet'en ginn dokumentéiert an esou kennt een zu sengem Zukunftsdiplom

▪ SVN

Den Service Volontaire National heescht:

Sech fräiwëlleg engagéieren an en eegene Projet ëmsetzen, seng Kompetenzen a seng Zäit enger Organisatioun zur Verfügung stellen, sech nei Kompetenzen uneegenen, sech sengen Kompetenze bewusst ginn a se verstärken, sech selwer an engem Beräich «testen», seng Chancen um Aarbechtsmaart verbesseren.

Verschidden Beräicher stinn zu Verfügung fir sech ze engagéieren:

Natur, Ëmwelt, Mënsche mat Behënnerung, Konscht, Radio, Kanner, Jugendinfo, Sport, Déiereschutz, Drëtt Welt, Patrimoine historique, Obdachloser, Senioren, Kultur, Jugendzenter, Tourismus, Fairtrade, humanitär Aktiounen, Mënscherechter, Fraerechter, Déierefleeg, Geschicht, Muséeën, Gedenkstätten, Bibliothéiken, Sozial Epicerien, ...

Dobäi mussen folgend Konditiounen erfëllt ginn:

- zu Lëtzebuerg wunnen (certificat de résidence)
- tëscht 16 an 30 Joer al sinn
- eng fräiwëlleg Vollzäitaktivitéit (30 – 35 Stonnen an der Woch) ausüben
- sech fir eng fräiwëlleg Laangzäitaktivitéit (3 – 12 Méint) engagéieren – ouni Ënnerbriechung!
- sech iwwert d'Fiche-d'inscription beim SNJ umellen

Den *Service Volontaire D'Orientation* erméiglecht et jonken Mënschen, déi a Lëtzebuerg wunnen eng beräichert Erfahrung an enger lëtzebuergeschen Opnamstatioun ze maachen. Den Schwéierpunkt läit dobäi op der Entwécklung vu praktesche Kompetenzen sou wéi eng

perséinlech Berodung bis hin zu enger Beschäftegung oder souguer enger qualifizierter Ausbildung.

An Zesummenarbecht mam SNJ bitt Jugendhaus Schëffleng mat vill Freed a Motivatioun dësen Service jonke Interessierten un.

SVN 2019: William Ceccon an Frank Schomer

▪ **Televie 2019**

Ab November 2018 huelen mir um Televie deel. Desen projet ennerstetzen mir mat verschiddeenen Aktiounen:

Nikloosmaart (01+ 02.12)

Niewend deenen Aktiounen gin ab deem Datum all d'Participatiounen vun eisen Aktiviteiten/projet'en zu 100% fir den Televie gesammelt:

Fontainebleau (16-18.11); Snowprojet (16-23.02)

Esou wei och d'Participatioun vum lessen Freides owes.

Fir den Ofschloss vum Televie hun mer en Velostuer vun Scheffleng op Audun an zereck op Schefflend organisiert.

Och sollten mer deen Daag um Fest vum televie op der gemenbgeplaatz eng Klotterwand betreien, dei huet awer Wiederbedengt mussen ofgesot gin.

Op der feier hun mer dun Offiziel dem Televie e Scheck vun **1.168,55€** iwwereecht

Jugendversammlungen

All éischte Freiden am Mount fënnt eng Jugendversammlung statt. Hei hunn déi Jugendlech d'Méiglechkeet nei Iddien ze presentéieren, Aktivitéiten ze proposéieren an aktiv un der Gestaltung vum Oflaf deelzehuelen. Gläichzäiteg ass een op fir konstruktiv Verbesserungsvirschléi a Kritik fir een bessert Mateneen am Jugendhaus.

Vakanzenaktivitéiten

All Summer ginn an Zesummenarbecht vun der Gemeng Schëffleng an dem Jugendhaus Vakanzenaktivitéiten fir Jonker vun 12 bis 17 Joer organisiert.

Erzéier vum Schëfflenger Jugendhaus hunn folgend Projeten duerchgefouert: Henna, Alpine Adventures, Natur an Waasser erliewen am Schwarwald, Töpferworkshop, Instrumenter bauen, Kloterpark, Erlebnisschwemm, Graffiti, Kachatelier fir d'Ofschlossfeier an Ofschlossfeier. 45 Teilnehmer hun un denen 9 Vakanzenaktivitéiten deelgeholl.

Alpine adventure 2019

D'Alpine Adventure war vum 21 Juli bis den 28 Juli. Mir hunn eis Woch mat der Preparatioun vum Camping ugefaangen. Dei Jonk hunn sech a kleng Gruppen verdeelt an hunn hiren Zelt an Camping Saachen ageriicht fir dir ganz Woch.

All Daag sinn Verantwortung un dei Jonk verdeelt ginn. Moies haten ma een Grupp wou d'Veantwortung hat fir d'Brout sichen ze goen. Mir haten een zweeten Grupp wou

d'Verantwortung hatt fir d'lessen akaafen, kachen an ze serveiren. Den drëtt Grupp haat d'Verantwortung dass alles am Schluss propper war, d'Spull équipe.

